N° 4838
Reçue le 12.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.08.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Staat missachtet seine eigenen Regeln*" gëtt iwwer déi vun der Regierung ënnerstëtzten Initiativ "Holz vun hei" bericht, déi eng Kennzeechnung fir heemesch geschloen a verschafften Holzprodukter virgesäit. Wéi et am Artikel awer weider heescht, verzicht dëse Label op international etabléiert Kontrollstandards fir regional zertifiéiert Holz. Notamment entzéien och 26 Gemengen, dovunner vill aus de Regioune vum Naturpark Mëllerdall, sech aneren, etabléierten Zertifikater. Wéi et vun der Säit vun den entspriechende Verbänn heescht, géif d'Regierung duerch hir Ënnerstëtzung vun "Holz vun hei" ëffentlech e falsch Billt erzeegen an déi etabléiert Verbänn, déi sech u méi streng Normen halen, bloussstellen, well si op Reegele verzicht, zu deenen si privat Acteure verpflicht. Des Weideren ass am Artikel ze liesen, datt eis national Holzindustrie säit Joren ënner deloyale Konkurrenzpraktiken aus China leit, ouni, datt vu Säite vun der Regierung dorop reagéiert gi wier.

Des Weidere verweist den Artikel dann och nach drop, datt et zu Lëtzebuerg generell un enger Betribsketten fir d'Veraarbechtung fir dat regional geschloent Holz feelt. Wéi et awer och an engem Interview mam Generalsekretär vun der Handwierkerfederatioun, deen den 12. Juli ënnert dem Titel "*Même droits et mêmes obligations pour tous*" am Quotidien publizéiert gouf, heescht, ass kaum domat ze rechnen, datt sech zu Lëtzebuerg an den nächste Joren eng international kompetitiv Holzveraarbechtungsindustrie kann etabléieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi begrënnt d'Regierung déi Decisioun, fir privat Acteuren zu bestëmmte Reegelen ze verpflichten, déi duerno vu Säite vu staatlechen Institutioune mëssuecht ginn?
2) Säit wéini huet d'Regierung Kenntnis vun där am Artikel vum Lëtzebuerger Wort beschriwwener Zersetzunge vun eiser Holzindustrie? Wéi huet si aus hirer Siicht op nationalem an op EU-Niveau op dës méiglecherweis staatlech geférdert, deloyal Konkurrenzpraktike vu Säite vun der Volleksrepublik China reagéiert?
3) Envisagéiert d'Regierung spezifesch Moossnamen, fir nees e potenziellen Opbau vun enger heemescher Veraarbechtungsindustrie ze erméiglechen, zum Beispill duerch d'Vereinfachung vun administrative Prozeduren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 14 septembre 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4838 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4838 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n°4838 vum 12. August 2021 vun dem éirewäerten Députéierten Här Fred Keup iwwer d'lëtzbuerger Holzindustrie**

***Wéi begrënnt d'Regierung déi Decisioun, fir privat Acteuren zu bestëmmteReegelen ze verpflichten, déi duerno vu Säite vu staatlechen Institutiounemëssuecht ginn?***

D'Regierung verflicht keng Akteuren sech enger Besch-Zertifikatioun unzeschléissen. D'Adhésioun un eng Zertifikatioun, ob PEFC oder FSC, ass fir all Beschbesëtzer fräiwëlleg.

De Staat recommandéiert an ënnerstëtzt d'Zertifizéierung, imposéiert se awer nët. D'Zertifizéierung mat enger "Chain-of-Custody" an enger onofhängeger Kontroll ass virun allem wichteg wann de Produit laang kommerziell Weeër geet, wat och oft beim Holz de Fall ass.

D'Zertifizéierung ass awer nët déi eenzeg Manéier fir d'Nohaltegkeet beim Konsument ze promouvéieren. D'Nohaltegkeet vun Kurz-Wee Produiten kann och vum Konsument selwer jugéiert ginn, zum Beispill wann d'Matière première aus der Regioun ass, de Produit do hiergestallt gëtt an och do konsomméiert gëtt. De Konsument huet Vertrauen an esou lokal Produiten well alles an senger Noperschaft ofleeft an hien sech onkompliziéiert informéiere kann. E komplexe Kontroll-System ass an dem Fall nët néideg. D'Holz vun Hei Initiativ ass esou e Beispill. Et ass eng regional Initiativ vum Natur- a Geopark Mëllerdall. Hei geet et drëms d'Produkt „Holz" regional ze valoriséieren an ze promovéieren.

Wichteg ass och ze betounen datt Holz vun hei net equivalent ass zum Label "Holz von hier" den sech op d'Zertifizéierung baséiert.

***Säit wéini huet d'Regierung Kenntnis vun där am Artikel vum Lëtzebuerger Wort beschriwwener Zersetzunge vun eiser Holzindustrie? Wéi huet si aus hirer Siicht op nationalem an op EU-Niveau op dës méiglecherweis staatlech gefërdert, deloyal Konkurrenzpraktike vu Säite vun der Volleksrepublik China reagéiert?***

2017 huet d'Regierung de "Wood Cluster" an d'Liewe geruff fir d'Holzindustrie ze ënnerstetzen an d'Holz-Kreeslafwirtschaft zu Lëtzebuerg ze dynamiséieren. Eng komplett a strukturéiert Holzindustrie am Lafholz gouf et zu Lëtzebuerg nach nie. Den Holzmarché ass een internationale fräie Marché deen no den WTO Reegelen funktionnéiert. D'Wertholz gëtt nom Soumissiouns-Prinzip verkaaft. D'Händler déi eist Lafholz kafen fir an China ze exportéieren bidden déi héchste Präisser. Deloyal Konkurrenzpratike sinn eis keng bekannt, an wahrscheinlech och nët néideg. Tatsächlech ass den Handel no China wirtschaftlech interessant well d'Containerschëffer Balast brauche fir zréck a China ze fueren. D'Holz gëtt also quasi gratis transportéiert. Et ass net méiglech dëse globale Marché duerch staatlech Interventiounen zu Lëtzebuerg oder an der EU direkt ze beaflossen. Dat eenzegt wat Lëtzebuerg maache kann, ass Initiativen zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen, déi derzou bäidroen, dass Holz méi regional genotzt an net iwwert wäit Transportweeër exportéiert gëtt, an dat ass d'Aufgab vum "Wood Cluster" bei Luxinnovation säit 2017.

Nohalteg Veraarbechtungsketten am Holzsecteur zu Lëtzebuerg kennen awer nëmme mam Engagement an an Zesummenaarbecht mat de Betriber opgebaut ginn, a genau do setzt de "Wood Cluster" un. De "Wood Cluster" huet e puer innovativ Pisten identifizéiert fir de Secteur an seng Betriber:

- Entwécklung vun enger regionaler Holzfilière fir d'Notzung vum Holz vu Lafbeem (Bich, Eech…).
- Kreeslafwirtschaft an der Veraarbechtungskette vum Holz: déi verschidde lokal a regional Veraarbechtungskette vum Holz sollen zesumme schaffe fir méi effizient ze sinn, an déi regional Notzung vun der Ressource Holz an de Virdergrond stellen.
- Industrie 4.0 fir d'Betreier aus dem Secteur vum Holz: déi feelend Effikassitéit vun der Virfäerdegung ass haut dat wat d'Entwécklung vum Holzbau am meeschten ausbremst an d'Digitalisatioun spillt do eng wichteg Roll fir d'Handwierker déi mat Holz schaffen. Duerch eng méi iwwergräifend Digitalisatioun an d'Notze vun digitale Léisunge ka méi einfach an effizient mat Holz gebaut ginn.

Dës Entwécklungspistë setzen de “Wood Cluster” a Luxinnovation iwwert Projete konkret ëm. Dës Projete si kollaborativ, se gi vun e puer privaten an ëffentleche Partner zesumme gefouert. Aktuell lafen um Niveau vum Wood Cluster zum Beispill dës Projeten an der Holzveraarbechtungsketten:

- Ausschaffen an Opstelle vun enger digitaler Holzhaff-Plattform zu Lëtzebuerg fir d’Offer an d’Demande openeen of ze stemmen an déi lokal Betriber mat hire Servicer a Produkter ze implizéieren.
- Offer an Demande am Beräich vum nohaltege Baue mateneen a Kontakt bréngen.
- Begleedung beim Ausschaffe vun Zertifikatiounen fir d‘Holz vun den kuerzen Wee méi ze valoriséieren.

***Envisagéiert d’Regierung spezifesch Moossnamen, fir nees e potenziellen Opbau vun enger heemescher Veraarbechtungsindustrie ze erméiglechen, zum Beispill duerch d’Vereinfachung vun administrative Prozeduren?***

Wéi et schonns am Artikel vum Generalsekretär vun der Handwierkerfederatioun gesot gouf, ass kaum domat ze rechnen, datt sech zu Lëtzebuerg an den nächste Joren eng international kompetitiv Holzveraarbechtungsindustrie kann etabléieren. Fir eng kompetitiv Holzindustrie ze etabléieren, musse grouss Quantitéiten vun Holz verschafft ginn. Zu Lëtzebuerg gëtt et dofir awer net genuch Holzressourcen. Dat eenzegt wat Lëtzebuerg maache kann, fir de Secteur vun der Holzveraarbechtung ze ënnerstëtzen, ass entweder kleng lokal Initiativen ze ënnerstëtzen, déi dorop setzen Holz regional ze exploitéieren an ze verwäerten oder awer Entreprisen ze ënnerstëtzen déi innovativ Holzprodukter wëllen hierstellen, déi soss nach néierens hiergestallt ginn.